



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnéngsbau weiderzeleeden.

Op verschiddene Plattformen (Radio, online Ads) leeft zurzäit eng Publicitéit fir eng Stee vu verschiddenen héichwäertegen Appartementer am Gravity Tower zu Déifferdeng. Bei dësem Bauprojet bitt d'Gemeng Déifferdeng 80 Appartementer zu abordabele Präisser zum Verkaf un, ënnert dem Regime vun engem Virkafsrecht vum Vendeur zu fix gereegelte Präisser. Nichtsdestotrotz ass an de Pläng virgesinn, dass 2 Duplex- an 2 Triplexstudioen op den ieweschte Stäck – also a beschter Lag – sollen un de Meeschtbiddende versteet ginn. D'Stee leeft nach bis de 26te Mäerz.

An Zäiten, wou et souguer fir Guddverdingen bal onméiglech ass, sech um private Logementsmarché een Appartement kënnen ze leeschten, stellt sech d'Fro, ob et ethesch korrekt ass, déi iewescht Stäck nom Prinzip vun engem Basar un de Meeschtbiddenden ze verkafen. D'Symbolik hannendrun schwätzt Bänn: de Räiche kritt d'Plaz ganz uewen, um Troun souzesoen, während d'Normalbiergerinnen a Bierger guer keng Chance op dës Logementer kréien. Grad Familljen mat Kanner sollte bei esou engem Projet gehollef kréien, well si an der Moyenne wéinst der Gréisst vun der Wunneng méi héich Wunnkäschten hunn. D'Virgoensweis vun der Stée ënnergrueft deemno de soziale Charakter vun dësem Tuerm, deem ee Symbol vu Chancegläicheet an Inklusioun kéint sinn an een ëffentlecht Zeechen géint den héich spekulative Wunnmarché sollt setzen.

De Logementsministère ass mat 40 Milliounen Euro um Bau vum Gravity Towert bedeelegt. De Logementsminister gëtt op gouvernement.lu wéi follegt zitéiert

Henri Kox a souligné: "Wat mir bauen bleiwt, an zwar fir emmer an dat öffentlech, bezuelbar a nohalteg."

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ass et déi éischte Kéier, dass bei engem vum Logementsministère matfinanzéierte Projet eng öffentlech Stee organiséiert gëtt? Falls nee, bei wéi enge Projekte war dat




www.piraten.lu

soss nach de Fall?

2. Wéi vill kascht d'Werbecampagne, déi aktuell fir d'Stee vun de Wunnengen am Gravity Tower leeft (opgeschlësselt no folgende Medien: Radio, TV, Online an Drock). Mat wéi engem Budget gëtt dës Werbung bezuelt?
3. Wéi steet d'Regierung zum Prinzip, datt bei deene 4 Duplexen an Triplexe Leit ouni Suen ausgeschloss a Leit mat déckem Portmonni privilegiéiert ginn oder, aaneschters formuléiert, wou Leit no ökonomesche Krittere aneren Demandeuren virgezu ginn?
4. Gouf den Aspekt vun der Chancëgläichheet bei dëser Stee mat a Betruecht gezunn?
5. Bewäert d'Regierung dës Virgoensweis als ethesch korrekt, sozial gerecht an am Aklang mat de Prinzippe vum soziale Wunnengsbau? Falls jo, wéi?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Député

